N° 7620
Entrée le 17.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Duerch de LUSTAT Data Explorer kann een sech ukucken, wéi vill Handel (Import wéi Export) de Grand-Duché mat de Länner iwwerall op der Welt bedreift. D'Opzielung ass awer limitéiert an esou fannen net all d'Länner eng Plaz op der Lëscht. Ee Beispill heivir ass den Iran, dee jo scho laang vu westleche Sanktioune betraff ass, an deen duerch d'Ënnerdréckung an d'Gewalt vun de Protester nom Doud vum Mahsa Amini op e neits staark kritiséiert gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Tonnen u Wuere goufen an deene leschte 5 Joer aus dem Iran importéiert (opgelëscht no Joer) ?
2. Wéi vill Tonnen u Wuere goufen an deene leschte 5 Joer an den Iran exportéiert (opgelëscht no Joer) ?
3. Wat sinn déi 3 heefegste Wueren, déi vu Lëtzebuerg an den Iran exportéiert ginn?
4. Wat sinn déi 3 heefegste Wueren, déi aus dem Iran importéiert ginn?
5. Wéi héisch sinn d'Servicer, déi all Joer (oplëscht op déi lescht 5 Joer) fir Akteuren am Iran geleescht ginn?
6. Wéi héisch sinn d'Servicer, déi all Joer (oplëscht op déi lescht 5 Joer) aus dem Iran un Akteuren a Lëtzebuerg geleescht ginn?
7. Wat sinn déi heefegsten Servicer, déi importéiert ginn?
8. Wéi sinn déi heefegsten Servicer, déi exportéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten